

**Wéi grouss ass de politesche Wëlle vun ärer Partei d'Recommandatiounen aus dem Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg esou wéi aus dem PNSM ëmzesetzen, esou dass eng multidisziplinär Gesondheetsversuergung duerch d'Unerkennung vun de kënschtlerschen Therapieforme gestärkt a garantéiert ka ginn?**

Eng multidisziplinär an héichwäerteg Gesondheetsversuergung an engem staarken ëffentleche System, dee fir jidderee gläich do ass, ass fir eis eng vun de Prioritéite vun eisem Walprogramm. Fir ee Beispill ze nennen : Mir wëlle pluri-professionell Gesondheetshaiser schafen an de gréisseren Uertschaften an an de Quartieren ab 1000 Awunner. Dës ëffentlech Strukture sollen ënnerschiddlech Gesondheetsservicer ubidden.

**A wat fir enger Form géif är Partei d' Punkten 10.4 aus dem Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg” an d' Mesure 3.1.1 aus dem Plan National de Santé Mentale ëmsetzen?**

D'Mesure 3.1.1 aus dem PNSM gesäit jo eng Evaluatioun vun de Gesondheetsberuffer am Beräich vun der Santé mentale vir. Eise Programm gesäit des Evaluatioun och vir (4.30 Säit 18), déi dann op eng Reglementatioun vu verschiddene Beruffer soll erauslafen. Mir wëllen déi psychotherapeutesch Offer vum Staat vergréisseren andeems mir méi medezinescht a paramedezinescht Personal rekrutéieren an de multiprofessionelle Gesondheetshaiser, de Schoulen, der Universitét, de Kannerbetrieungsstrukturen, de Flüchtlingsheemer, de Fraen- a Jugendhaiser, den Altersheemer, sou wéi an de Programmer fir dat betreit Wunnen a bei der Aarbechtsmedezin. De LAIR-Rapport weist jo och dorop hin, dass Konschttherapië ganz oft am Kader vu multiprofessionellen Equipen an der Betreuung vu Patienten a Patientinnen agesat ginn. Dat gesi mir och als ganz wichteg un. Eise Programm gesäit an dem Kontext der Santé mentale och nach eng Rëtsch aner Punkte vir (Säit 18-19 vun eisem Programm).

**Gedenkt är Partei d'kënschtlerschen Therapien an der Nomenclature des professions de la santé vun der CNS ophuelen ze loossen an esou dëss Therapieform Klienten/Patienten aus alle sozio-ekonomëschen Ëmfelder accessibel ze maachen?**

Eise Walprogramm gesäit dat net explizitt vir, wat awer net heescht, dass mir des Mesure net positiv géife gesinn. Am LAIR-Rapport sti jo eng ganz Partie Beruffer am Santéberäich, déi et ze reglementéiere géllt. Relativ rezent si jo Psychotherapeuten an d'Nomenclature opgeholl ginn, wat mir och ganz richtig fannen. Doduerch ass d'Prise en charge vu ganz ville Patienten awer nach net assuréiert, wëll et e Manktem u Psychotherapeute gëtt a ganz vill Persoune weider bei Psychologen a Behandlung bleiwen, déi keen Accès zu engem Remboursement ginn, wëll se net d'Bedingunge vun der Nomenclature erfëllen. D' ass Nomenclature dofir fir eis ee wichtegt Element an enger méi breeder Reform, déi eng optimal an egalitär Prise en charge vun de Leit erméiglecht. Mir géifen d'kënschtlerschen Therapien am Kader vu sou enger Reform prinzipiell an d'Nomenclature ophuelen.